

Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

An da kënne mer zum nächste Punkt kommen, an dat ass d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8343. Den Text steet am Document parlementaire 8343⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8343 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmen kann elo ufänken. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 45 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmmen a 15 Abstentionen. Domat ass dee Projet de loi mat 45 Jo-Stëmmen a 15 Enthaltungen ugeho.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Se sont abstenus : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Als zweete Punkt um Ordre du jour kënnt de Projet de loi 8338 iwwert ...

(Interruption par M. Sven Clement)

Motions (suite)

Motion 2

Mir hunn nach eng Motioun. Mir hate schonn eng Motioun, dofir hat ech d'Motiounen ofgeschloss. Mee selbstverständlech huet den Här Clement Recht an d'Piraten hunn och d'Recht, fir datt hir Motioun ofgestëmmt gëtt. Dofir wollt ech den Här Clement froen, ob en nach eppes dozou wëllt soen.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Wirklech ganz kuerz. Ech mengen, ech hunn et virdu an der Ried ugeschwat: Dat heiten ass eng Motioun, déi u sech d'Regierung just invitéiert, fir an absebarer Zäit ze legiferéieren, fir déi Upassung net all zwee Joer ze proposéieren, mee all Joer. Ech hunn och a menger Ried virgerechent, wat dat fir en Impact kann hunn. Dat kann zéng Méint haut schonn hu mat deem, wat mir proposéieren. An deem System, deem d'Regierung huet, kann dat och gäre mol véier Indextranchen ausmaachen. Deementspriedend ass

dat einfach eng Motioun mat engem fromme Wunsch un d'Regierung, datt een dat méi séier ausgläicht an Zukunft, soubal déi véier Indextranchen, déi elo nach ausstinn, dann och ausgeglach sinn.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Wie freet d'Wuert zu dëser Motioun? Ech fänken u mat dem Här Finanzminister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo, Här President. Ech wëll kloer soen, dass d'Regierung zu deem steet, wat am Regierungsprogramm steet, an dass d'Engagement och do festgehalen ass, dass iwwert déi nächst Joren déi Indexupassungen kommen.

Hei gëtt gefrot, dass praktesch, wann eng Indextranche kënnt – loosse mer soen am Oktober d'nächst Joer –, automatesch d'Steiertabell dann dat Joer drop schonns ugepasst gëtt. Dat ass an der Vergaangenheet och net de Fall gewiescht. Wat awer net ausschléisst, dass ee sech Gedanken ka maachen, fir erëm eng Kéier op dee System ze kommen, deen, wéi richtegerweis drop higewise ginn ass, 2012 ofgeschafft gouf. Dat war nämlech de berühmten Artikel 125 aus der Akommessteuer, nämlech dass, wann eng gewäsen Inflation ugestaut ass, d'Regierung dann obligéiert ass, fir e Gesetzesprojet ze deposéieren, fir där Rechnung ze droen. Dat ass an der Vergaangenheet net ëmmer genau esou gemaach ginn, mee et ass an der Vergaangenheet ëmmer esou gewiescht, dass dat awer no enger Rei vu Joren, an der Reegel ëmmer mindestens eng Kéier an enger Legislaturperiod, ënner verschiddene Regierungskonstellationen, gemaach gouf. Dat war mat der CSV/LSAP sou, dat war och virdu mat der CSV/DP sou.

Meng perséinlech Meenung ass déi, dass dat e System ass, op deem ee lues, mee sécher erëm eng Kéier sollt histeieren, ouni dass ech awer hei dat Engagement wëll konkret huelen, dass, wann eng Indextranche erfällt, een dann direkt dat Joer drop automatesch déi voll Adaptation an dem Barème soll erëmfannen. Dat ass d'Positioun vun der Regierung. Mee selbstverständlech, mir fügen eis enger Majoritéit, déi déi Motioun entweeder unhëlt oder ofleent.

(Interruption et hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Dat ass och gutt esou. An elo kucke mer, ob se dann ugeho gëtt oder net ugeho gëtt. Ech hunn dräi Wuertmeldungen zu deem Sujet ganz genau. Dat sinn d'Madamm Bofferding, d'Madamm Tanson an den Här Spautz. Ech fänke mat der Madamm Bofferding un.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Bon, grondsätzlech si mer jo ëmmer frou, wann den Index spillt. Hei ass awer elo de Punkt, dass mir fir e ganz anere Barème stinn. Ech mengen, do hate mer scho ganz kloer Propositionen ausgeschafft, déi méi sozial gerecht, méi sozial equilibréiert sinn. Dat ass fir eis de bessere Wee wéi eeben elo eng automatesch Indexéierung a fir och déi Ongerechtegkeeten, déi mam aktuelle Barème bestinn, weiderzeféieren. An duerfir wärte mer dëser Motioun net zoustëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Dann ass d'Wuert fir d'Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci. Also, wéi schonn a menger Interventioun virdu gesot, mir halen et mam Finanzminister vun 2012, dee fënnt, dass de Staat, d'Regierung, sech soll den néidege budgetäre Spillraum loosse an dass een dat eeben net iwer e Gesetz soll imposéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann huet den Här Spautz d'Wuert an duerno den Här Goldschmidt.

M. Marc Spautz (CSV) | Jo, also mir leenen déi Motioun och of. Ech mengen, den Här Finanzminister huet kloer duergeluecht, firwat a wisou. An dofir wäert d'CSV dëser Motioun och keng Zoustëmmung ginn. Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Här Goldschmidt, et ass un Iech.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Merci, Här President. D'Demokratesch Partei leent déi Motioun och of. An d'Argumenter sinn elo all vum Här Minister scho virbruecht ginn. Ech soen Iech Merci.

(Interruption par Mme Sam Tanson)

M. Claude Wiseler, Président | Wannechgelift, Madamm Tanson. D'Saache si kloer. D'Wuert ass elo fir den Här Keup. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Jo, wann ech mech net ieren, sinn et schonn esou Motiounen ginn an de leschte Joren, déi dann och vun enger ganzer Partie Oppositionsparteie matgestëmmt gi sinn. An deemools war dat alles kee Problem. Also, ech géif soen, dass dat hei awer eng positiv Saach ass. A mir wärten dat hei op jidde Fall, esou wéi d'leschte Kéier, dann och dës Kéier matstëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà, domat ass dann d'Diskussion iwwert dës Motioun ofgeschloss an ech géif déi Motioun zum Vott stellen.

Vote sur la motion 2

De Vote par procuration. An ech schléissen elo de Vott of. De Vott ass ofgeschloss.

Jo-Stëmmen: 10, Nee-Stëmmen: 48, Abstentionen: 2. An domat ass dann dës Motioun vun de Piraten ofgeleent mat 48-Nee-Stëmmen géint 10 Jo-Stëmmen an 2 Abstentionen.

Résultat définitif après redressement : la motion 2 est rejetée par 8 voix pour, 50 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Luc Emering) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

4. 8338 – Projet de loi relative au budget provisoire pour la période du 1^{er} janvier au 30 avril 2024

Da komme mer zum zweete Punkt vum Ordre du jour, an zwar dem Projet 8338 iwwert de provisoresche

Budget fir d'Period vum 1. Januar bis den 30. Abrëll 2024, déi sougenannten „Douzièmes provisoires“. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 15 Minutten, d'CSV 31, d'DP 24, d'LSAP 21, d'ADR 15, déi gréng 10, d'Piraten 10, déi Lénk 10 an duerno d'Regierung 15 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm duerno fir d'CSV, den Här André Bauler, d'Madamm Taina Bofferding, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, an deem Gesetzesprojet geet et ëm déi sougenannten „Douzièmes provisoires“. Sait 2014 ass dës Prozedur an eiser Gesetzgebung verankert. Genée wéi et schonn 2013 an 2018 de Fall war, gëtt mat deem heite Gesetzesprojet e provisoiresche Budget gestëmmt, an dës provisoiresche Budget géllt, wéi säin Numm et seet, fir déi éischt véier Méint vum Joer 2024.

Dës Budget ass wichteg, well en erlaabt et dem Staat, fir säi Fonctionnement sécherzestellen. Dat bedeit u sech, dass domadder kënnen d'Ministèren an d'Verwaltungen an all d'Organer vum Staat fonctionéieren an dass och d'Paie vun de Leit, déi beim Staat schaffen, kënnen bezuelt ginn. Dës ass iwwregens och déi gesetzlech Basis, fir dem Staat et ze erlaben, Steieren anzendreiwen.

Technesch gesinn, fir deem heite Budget opzestellen – oder déi Douzièmes provisoires –, baséiere mir eis op de Budget vum Joer 2023 a mir huele véier Zwielftel dovunner fir déi éischt véier Méint vum 2024.

Et gëtt awer eng ganz Partie Ausnamen zu deem generelle Prinzip vum de véier Zwielftel. Do gëtt et zum Beispill engersäits Ausgaben, déi een net pauschal kann duersch zwielf dividéieren an da mat véier multiplizéieren, well et Ausgabe sinn, déi entweder éischter am Joer integral ufalen, oder et sinn aner Ausgaben, déi net gläichméisseg iwwert déi véier Méint verdeelt sinn. Dës Ausgabe sinn am Gesetzesprojet ganz detailléiert opgeléicht. Ausserdeem dréit de Prinzip vum den Douzièmes provisoires der Entwécklung vun der Échelle mobile des salaires net Rechnung.

Här President, ech kommen zu den Avisen. De Staatsrot begréisst a sengem Avis, dass et eng gesetzlech Basis gëtt fir de Gesetzesprojet iwwert d'Douzièmes provisoires. Ursprénglech war an deem Projet de loi och nach eng Uppassung vum Steiergesetz virgesinn. Et geet ëm d'Adaptatioun un d'Präsideierrecht vun de Coefficients de réévaluation vum Prix d'acquisition oder Prix de revient vun den Immobilien, esou wéi et am Artikel 102 Alinea 6 vum Steiergesetz virgesinn ass. Dës Adaptatioun gëtt all zwee Joer gemaach. No enger Remark vum Staatsrot gouf dës Uppassung an de Gesetzesprojet iwwert d'Uppassung vun der Steiertabell iwwerholl. Dat ass dee Gesetzesprojet, iwwert dee mer elo grad ofgestëmmt hunn.

De Staatsrot huet och virgeschloen, d'Uppassung vum Taux vun de Biocarburanten an Treibstoff am Gesetz iwwert d'Accises separat ze maachen. An dat war och ursprénglech an deem Gesetzesprojet virgesinn. Och dës Remark vum Staatsrot gouf Rechnung gedroen a mir hunn dës Uppassung gëschter Mëtteg gestëmmt.

D'Chambre de Commerce huet keng Observatioun zu den Douzièmes provisoires en tant que tel, mee si huet awer vun der Geleeënheet profitéiert, fir hir Revendicatiounen zum Thema Index ze rappelléieren.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet och keng Remarken zu den Douzièmes provisoires.

Nodeems de schréfftleche Rapport iwwert dës Gesetzesprojet den 8. Dezember an der Finanzkommissioun ugeholl gouf, sinn och nach Avice vun der Chambre des Salariés, der Chambre des Métiers an dem Syvicol erakomm. Duerfir komme si net a mengem schréfftleche Rapport vir. Ech wéilt awer ganz kuerz a mengem mëndleche Rapport drop agoen.

D'Chambre des Salariés huet hir generell Analys virgeluecht iwwert déi wirtschaftlech Situatioun vum Land an huet Recommandatiounen virgestallt zu Sujete wéi Aarmutsbekämpfung, Logement a Steieren.

D'Chambre des Métiers notzt och dës Projet de loi, fir hir Revendicatiounen un d'Regierung a puncto budgetärer Politik vun der Regierung ze maachen an op hir Forderungen a puncto Wunnengsbau hinzewiesen.

De Syvicol huet a sengem Avis keng speziell Observatioun zu den Douzièmes provisoires.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, domadder wier ech fäerdeg mat mengem Rapport zu den Douzièmes provisoires an ech géif nach just e puer Wuert als Message am Numm vum mandatéierte Spriecher vu menger Partei mat op de Wee ginn.

Ech waarden dann, bis d'Auer erëm op null ass. Voilà, merci.

Discussion générale

Als Spriecher vun der CSV wollt ech der viregter Regierung Merci soen, dass si dës Projet de loi deposéiert huet. Genée wéi 2013, wou mir och de Budget provisoire deposéiert haten, dréit dës zum richtege Fonctionnement vum Staat bäi, an dat ass och gutt esou. Dës gehéiert zu enger geuerdenter Transitioun vum Pouvoir an och zum richtege Fonctionnement vum Rechtsstaat.

Ech wéilt nach eng Kéier ënnersträichen, dass dës Gesetzesprojet vun den Douzièmes provisoires e reng technesch Text ass. En dréit der neier Opdeelung vun de Ministère net Rechnung an en erlaabt och net, Réckschlëss ze zéien op d'zukünftge Regierungspolitik. Dës provisoiresche Budget gëtt der neier Regierung déi néideg Zäit, e komplette Budget fir 2024 ze deposéieren. An eis als Chamber gëtt en déi néideg Zäit, dësen ze analyséieren a virum 30. Abrëll unzuhuelen.

Domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der CSV fir dës Projet de loi.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm, och fir Äre schréfftlechen a mëndleche Rapport. An deem nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Léif alleguer, an e puer Woche geet dës Joer op en Enn an domadder och de Budgetexercice vum Joer 2023. Et ass virduerlich och ugeklongen: Genau wéi am Hierscht vun de Joren 2013 an 2018 – déi zwee Joer also, wou och Landeswale waren – läit keen detailléierte Budgetsprojert vir, well et der neier Regierungsekip eben aus verständleche Grënn nach net méiglech war, dësen am Detail opzestellen.

All déi Deputéiert heibannen, déi schonn eemol d'Éier haten, dierfen de Budgetsrapporter ze sinn, an un den Aarbechte vun der Finanzkommissioun deelgeholl hunn, wëssen, dass dat natierlech eng opwändeg Aufgab ass. D'Regierung brauch also och hei déi néideg Zäit, fir de Staatsbudget vum Joer 2024 a Rou opzestellen.

De klassesche Budgetskalenner kann dofir also net agehale ginn an dowéinst géife mer, wéi d'Rapportrice gesot huet, op d'Douzièmes provisoires zrëckgräifen, fir eeben dem Här Finanzminister a sengem Ministère a senger Beamten déi néideg Zäit ze ginn, fir de Budget vum kommende Joer auszeschaffen.

Ech wéll nach drun erënneren, dass d'Douzièmes provisoires keng parlamentaresch Ausnam sinn. Tëscht de Joren 1945 an 1969 gouf de Staatsbudget och eréischt eng Rei Méint nom Ufank vum Budgetexercice gestëmmt. De Grond fir dës Retard vum Budget war an der Zäit nom Zweete Weltkrich, dass iwwer all eenzelne Punkt an der Chamber ofgestëmmt an diskutéiert gouf an et dowéinst méi laang gedauert huet.

Och eis Noperen Däitschland an d'Belsch hu schonn esou Mesure geholl am Fall, wou hir nei Regierung nach keng Zäit hat, fir de genaue Budget opzestellen. Déi ganz Debatt, déi Der elo an de leschte Wochen a Méint an Däitschland konnt suivéieren, iwwert déi sougenannt „Scholdebremse“, huet elo derzou gefouert, dass et och bei hinne virum 31. Dezember dës Joers keen definitive Budgetsrapport fir 2024 wäert ginn. Dofir wäerten och si mat engem sougenannten „Iwwergangsbudget“ schaffen. Ech hunn extra nogekuckt, an der Bundesrepublik nenne si dat „vorläufige Haushaltsführung“. Voilà.

Et kënnt also och net zu engem Shutdown, wéi mer dat aus Amerika kennen, aus de Vereenegte Staaten. Och den däitsche Staat sengersäits bleift voll handlungsfäeg a ka seng Leit bezuelen.

Mir heiheem fueren also mat den Douzièmes provisoires. Domadder ass de Fonctionnement vum Staat zu all Moment garantéiert a gläichzäiteg huet déi nei Regierung genuch Handlungsfräiheet respektiv Spillraum, fir de Budget, den neie Budget, auszeschaffen, deem op de Prioritéite vun der neier Koalitioun baséiert.

Et dierft och keen heibanne verwonneren, dass ech als mandatéierte Spriecher vu menger Fraktioun den Accord zu deem Gesetzesprojet ginn. Merci fir Är Opmerksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Här President, dat heiten ass effektiv éischter en technesch Exercice, esou wéi d'Rapportrice dat och ganz gutt erkläert huet, a vu dass et och e Budget ass, deem nach ënnert der viregter Regierung souzesoos opgestallt ginn ass, wäert d'LSAP dës Projet de loi och matstëmmen. Well et eeben haaptsächlech déi lafend Käschten deckt, wäert ech och elo net spezifesch op déi De-tailer do agoen.

Ech géif awer gäre vun deem Iwwergangsbudget op de Budget 2024 eriwergoen, well niewent der Presentatioun vum Koalitiounsaccord ass awer den nächste Budget, mengen ech, dee grouesse Moment vun dëser neier Regierung. Mäi Rot, deem ech Iech nämlech wéll mat op de Wee ginn, Här Finanzminister, zesumme mat Ärer Regierung, ass: Verpasst d'Chancen net! Huelt net fir déi komplex Schwierigkeiten, déi mer elo hunn, ëmmer déi einfachsten Optiounen! A virum allem: Reagéiert net op d'Defien, d'Erausforderungen, déi sech stellen, mat Äntwerten, déi mer scho gëschter haten, wou mer wëssen, dass se net déi Léisunge kënnen sinn!

An ech hat och scho bei der Presentatioun vum Koalitiounsprogramm gesot: Mir wëllen e Lëtzebuerg, wou de Staat méi ass wéi just e Businesscenter fir

d'Entreprises. Mir wëllen e Staat, dee solidaresch ass a keen op der Streck leie léisst.

A wa mer nach eis Debatt gëschter kucken, déi mer am Kader vum Verbuut vun der Mendicité haten, wou mer jo och ganz vill iwwert d'Aarmutsbekämpfung geschwat hunn, do huet effektiv d'Regierung och gesot, dass d'Aarmutsbekämpfung eng vun hire Prioritéiten ass, an et ass wichteg, dass hei weider Mesüre geholl ginn.

Den entscheidenden Ënnerschied awer tëschent – soen ech emol – Iech an eis ass: Dir sot, dass d'Schéier tëschent Aarm a Räich net weider duerf ausereengoen. Ben, mir soen, dass d'Schéier tëschent Aarm a Räich muss erëm méi enk zesummekommen. An dofir ass et wichteg, dass eebe Mesüeren nach kommen. A mir hoffen, dass am Budget 2024 do eebe Moossnamen erëmfanne sinn. Ech denken, gëschter ass d'Housing-First-Konzept e puermol am Debat genannt ginn. Do wäre mir frou, wa mer déi géifen, wéi gesot, am kommende Budget erëmfannen.

A wann ech scho beim Thema Logement sinn, dem Problem Nummer 1 hei am Land: Och do hate mer gëschter nach d'Projeten Elmen an Izegerknupp gestëmmt. Do ass et och wichteg, dass weider déi Investitiounen gemaach ginn, grad esou grouss Projete vun esou enger grousser Envergure. An hei wëll ech just drop hiweisen, dass am Fonds spécial fir den Développement vum Logement elo 2023 ronn 200 Milliounen virgesi waren, also festgeschriwwen waren, an am Pluriannuel sollt deen op 300 Milliounen eropgoen. Am Koalitionsprogramm steet, dass weider Investitiounen solle gemaach ginn. Et ass net ganz kloer, wéi eng. Mir hoffen natierlech, dass domadder awer de Fong gemengt ass. A mir wäerten eis natierlech och net deem verschléissen, wann Der wëlles hutt, deen nach weider mat finanzielle Moyerene opzestocken.

Wat allerdéngs scho bekannt ass, ass den Amortissement accéléré an och de bëllege Akt fir d'Investisseuren – wa mer elo beim Thema Logement bleiwen. Do si mer der Meinung, dass et déi falsch Akzenter sinn. Mir hätte léiwer, mir géifen dat net am nächste Budget begéinen. Virun allem hoffe mer, dass awer net nach nei Mesüre bäikommen, Iwwerraschungen, déi nëmmen d'Säit vun der Offer bedénge respektiv doduerch och manner Recetté generéieren. A wéi ech grad gesot hunn, ass et wichteg, dass mer d'Recetté kréien, fir eeben déi grouss Investissemente kënnen ze tätigen.

Dann nach eng Remark allgemeng zur Steuerpolitik. Dat ass jo awer och dee Sujet, deen eis dës Woch an der Chamber bei ganz ville Projet-de-loie beschäftegt. Et ass haut scho gesot ginn: 2026 wëll d'Regierung gären eng Reform, also e Konzept fir eng eenzeg Steuerklass, virleeën. An och haut ass scho gesot gi vum Här Fayot, dass mer dat absolutt begreissen. Allerdéngs heescht dat net – an dat hu mer och scho virdrun an der Debatt bei de Motiounen gesot –, dass een net awer scho kann Initiativen huelen, bis déi grouss Reform steet. An och hei hat ech schon op eise Positionspabeier higewisen. Also, näischt steet am Wee, dass een awer kuerzfristeg zum Beispill de soziale Mindestloun géif steierfräi maache respektiv och ka kucken, do nach weider Initiativen ze huele respektiv och elo eng direkt Erhéijung vum Mindestloun, wéi mer dat emol gefuerdert hunn.

En anere Punkt ass ..., an ech mengen, och do musse mer – wäerte mer – e bësse méi opmierksam sinn, an zwar ass dat de Punkt: Wann d'Steuerrecetten net esou wäerte sprudelen, wéi d'Regierung dat hofft, ben, da besteet de Risiko, dass natierlech herno op verschidde Plazen am Budget wäert gestrach ginn. Well déi Equatioun, déi ëmmer sou gutt presentéiert gëtt, d'Equatioun „Steiererlicherunge fir alleguerte

bedeit méi Recetté fir de Staat“, ben, dat ass eng Theorie, déi relativ al ass, déi net ëmmer opgaangen ass. A virun allem, mengen ech, ass d'Finanzpolitik méi komplizéiert wéi dat. An dofir ass et wichteg, trotzdeem och do de berühmte Plang B ze hunn, well dat alles net esou opgeet, fir eeben dem fräie Marché hei all d'Problemer ze iwwerloossen an eeben ze kucken, dass de Staat hei eng ënnergeuerdent Roll spillt.

Eng Mesür, déi wuel net am Budget wäert optauchen, wou mer eis awer géife wënschen, dass se am Budget optaucht, dat ass d'Verlängerung vum Congé parental vu sechs op néng Méint wéi och de sougenannten „Temps partiel familial“, deen Der wëllt aféieren. Firwat soen ech „net optauchen“? Ben, well e jo wäert onbezuelt ginn. Dat ass eng Mesür, déi sech jo nëmmen déi Leit eigentlech kënnen herno leeschten, déi genuch verdéngen. A mir wäre frou, wann déi Mesüeren herno am Budget wären, well dat géif nämlech bedeuten, dass de Staat géif do eeben Depensé fir d'Familljen tätigen, zum Beispill en Deel vun de Cotisatiounen iwwerhuelen, wéi mir et gefuerdert hunn. Duerfir hoffe mer natierlech, dass déi Mesüeren do optauchen. Mee esou, wéi Der et natierlech schon uklänge gelooss hutt, wäert et net op deem Punkt sinn.

Dann, fir ofzeschléissen nach e Wuert zur Santé, well dat fir eis och e Beräich ass, wou an den nächste Jore nach ganz vill muss investéiert ginn, net nëmmen a Material an a Gebaier, mee virun allem och an de Formatiounen. Ech erënneren drun, dass méi wéi eemol hei am Haus gesot ginn ass, dass mer méi Gesondheetspersonal brauchen, méi Dokteschen, méi Dokter, Medezinner. Ben, déi fale jo net einfach vum Himmel erof. Ech mengen, och do muss een investéieren. Do muss ee kucken, dass et attraktiv genuch ass, dass Leit sech hei wëllen ausbilde loossen. Hei muss een och kucken, dass een dat mat der Uni Lëtzebuerg nach weider kann ausbauen.

Wéi gesot, dat bedeit Investitiounen, genausou wéi och de Preventiounsprogramm, eppes, wat fir eis, d'LSAP, enorm wichteg ass, an och den Ausbau vun de Strukturen an der Santé sociale, fir eeben och esou d'Suchtverhalten ..., och dat war jo e bëssen d'Diskusioun gëschter an eiser Debatt, an och fir Leit mat psychesche Problemer kënnen ze hëllefen.

Dann ee Punkt, deen ech mer nach opgeschriwwen hunn, well ech nämlech net weess, ob de Finanzminister doriwwer a Kenntnis ass, dat war eng Ausso vum Inneminister an der zoustänneger Chamberskommission, dee gesot huet, dass ee sech kéint virstellen, dass eventuell an Zukunft de Staat géif d'Pensiounen vun de Gemeindebeamtinnen a -beamten iwwerhuelen. Ech erkläre mech. Dir hutt warscheinlech matkritt ... Op d'mannst déi Leit, déi an de Gemengen aktiv sinn, wëssen, dass d'CPFEC – dat ass d'Caisse de prévoyance vun de Fonctionnaires an Employés communaux – ab dësem Joer defizitär ass. Ech hat och deemools als Inneminister an Arrêté ministériel geholl, fir dass awer genuch Liquiditéiten do sinn.

Mee trotzdeem, et ass e Punkt, deen ech hei wëll uschwätzen, well dat eis natierlech frappeiert huet, wéi den Inneminister gesot huet, dass an Zukunft d'Pensiounen fir d'Gemeengepersonal kéinten iwwert de Staatsbudget, jo, ausbezuelt ginn, wuel wëssend, dass d'Gemengen nach ëmmer déi Zoustänneg sinn, déi d'Leitustellen. Dofir froe mer eis, wéi dat herno sollt kommen.

A just fir Iech hei awer och nach eng Info mat op de Wee ze ginn: Deemoools hate mer och am Pluriannuel gekuckt, dass fir 2026 en Defizit vu 87 Milliounen virgesi wär. Also, wann Der dat Lach herno sollt an Ärem

Budget hunn, dann ass dat schon awer e gudder Montant.

Dofir wollt ech just matginn, fir dass Der einfach Bescheid wësst, wat den Inneminister do versprochen huet, wat eng Léisung kéint sinn. An ech mengen, do musse mir nach eng Kéier driwwer diskutéieren, tout en sachant, dass et souwisou eng Reform vun där Keess brauch. Mee wann dann an Zukunft sollen d'Pensiounen vum Gemeindepersonal iwwert de Staatsbudget finanziert ginn, mengen ech, kréie mer nach gutt Diskussiounen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. An als nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup agedroen. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, dat hei ass wierklech en aussergewöhnlechen Exercice, dee mer elo fir d'drëtt Kéier an de leschten zéng, eelef Joer hei virhuelen. Et ass sécherlech net vergläichbar mat enger normaler Budgetsdebatt. Et ass kloer, datt de Staat och vum 1. Januar u muss fonctionéieren, souwuel op där enger Säit, wat d'Recetten ubelaangt, wéi och op där anerer Säit, wat d'Depensen ubelaangt. An dofir versteet een och, datt d'Chamber an dëser Situatioun eeben elo esou ee Gesetz muss hei stëmmen, fir iwwert déi berühmten Douzièmes provisoires eeben déi Méiglechkeeten ze schafen, fir datt de Staat sengen Obligatiounen an deenen zwou Richtungen nokéint.

Et ass natierlech fir déi eng Parteien heibanne méi licht a fir déi aner méi schwéier, esou engem Projet zoustëmmen. Fir Parteie wéi d'LSAP an déi gréng, déi vun der Majoritéit an d'Oppositioun gaange sinn, ass et méi licht. Si hunn éischters de Projet gemaach, zweetens stëmme se also elo engem Drëttel vun hirem eegene Budget vum leschte Joer nach eng Kéier nodréiglech zou – aus hirer Siicht, well deen esou gutt war. An op där anerer Säit ass natierlech eng Partei, déi an d'Majoritéit komm ass, d'CSV, déi d'lescht Joer wéi déi gesamt Oppositioun am Kader vun der Budgetsdebatt vum Budget vun 2023 am Fong kee gutt Hoer un deem Budget gelooss huet. Déi kommen dann heinner, mussen elo noutgedrongen awer een Drëttel vun deem Budget nodréiglech guttheeschen an deem zoustëmmen.

Fir eis als ADR ass d'Situatioun vill méi licht. Mir kënnen konsequent an eiser Positioun bleiwen. Dee Budget war 2023 am Ganzen näischt an aus eiser Siicht ass en dofir och zu engem Drëttel net besser. An duerfir kënnen mir net zoustëmmen a wäerten dergéint stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass déi honorabel Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Dat war elo ganz séier gaang. Ech hunn elo séier missen heinner kommen. Also, et geet, wéi schon ugeklungen ass, jo bei deem Gesetz hei drëm, datt de Staat ka weider fonctionéieren, bis d'Regierung dann den definitive Budget fir 2024 virgueluecht huet. Deementspriedend enthält natierlech de Projet elo keng nei politesch Akzenter. Dat ass normal. En ass an der Kontinuitéit ze gesi vun deem, wat déi viiregt Regierung am Budget 2023 decidéiert hat. A mir droen also duerfir dësen Text och mat.

Mee wéi och schon dem Taina Bofferding seng Approche ass och fir mech déi Debatt hei eng gutt

Geleeënheet, e bësse méi wäit no vir ze kucken – net ganz wäit, well ech ka mer virstellen, dass Der ganz geschwënn ufänkt, de Budget vum nächste Joer dann och richteg ze preparéieren. A mir hunn an de vergaangene Woche jo schonn déi eng oder déi aner Saach vun dëser Koalitioun gelies oder héieren. Ganz villen ass nach vag, wat jo och zum Deel normal ass, Dir sidd en décke Mount am Amt.

Den definitive Budget 2024 wäert dofir nom Koalitiounsaccord dann deen éischte richteg Praxistest fir d'Regierung ginn, wou mer dann och wäerte méi doriwwer gewuer ginn, wéi d'CSV an d'DP dann d'Roll vum Staat an Zukunft nach gesinn.

Dat, wat mer bis elo héieren hunn – och de Projet vu virdu war jo schonn d'Geleeënheet, doriwwer ze diskutéieren –, ass, dass de Staat soll méi schlank ginn, d'Prozedure solle vereinfacht ginn, d'Steieren erofgesat. Wéi ass et mat Investitiounen? Wéi ass et mat de Sozialausgaben? Duerfir vläicht e puer Deeg viru Chrëschttag esou eppes wéi eng Wonschläscht fir de Budget 2024, wou Der jo bestëmmt schonn amgaange sidd, drun ze schaffen.

Mir wënschen ons, dass d'Onsécherheet ëm d'Verlängerung vun de Subside fir energieetesche Renovéierung a Fotovoltaik, wou jo glécklecherweis elo decidéiert gouf, se emol fir sechs Méint ze verlängeren, just op normal Startschwierigkeeten zrëckzeféieren ass an datt mer awer och an Zukunft net erliewen, wéi d'Regierung zwar verséichert, hir wier de Klimaschutz wichteg, se awer gläichzäiteg probéiert, Klimaschutzmesuren an Hëllef fir jiddwereen zrëckzeféieren.

Mir hoffen och, dass d'Duerchwénke vum Heescherte-verbuet um Réck vun deene Vulnerabelsten net d'Aarmutsbekämpfung zu Lëtzebuerg symboliséiert, an där et drëms geet, dem Grand public d'Gefill ze ginn, et géif ee sech ëm d'Sécherheet suergen. Mir wënschen ons eng koordinéiert Aktioun vun der Regierung an deem Beräich a prioritär hei an deem Beräich eng Simplification administrative, fir datt grad déi Leit, déi et am meeschte brauchen, onkomplizéiert déi Hëllef kréien, déi se brauchen. Mir héieren ëmmer nees, dass mer vill manner Aarmut zu Lëtzebuerg hätten, wann déi Aiden, déi existéieren, vu jiddwerengem genotzt géife ginn. Dat muss eng absolutt Prioritéit sinn an dat muss sech och am Budget 2024, deem definitiven, erëmspigelën.

Mir wënschen ons och, dass d'Steierkaddoen, déi dës Koalitioun elo kuerzfristeg verdeele wëll a vun deene virun allem déi mat den héije Paie profitéieren, just d'Alëse vun engem Walversprieche kuerz no de Chamberwalen sinn a sech net do hannendrun den Ufank vun enger allgemenger Politick vu Steierreduktiounen verstoppt, quitte datt Der jo virdu net d'accord waart, meng Motioun matzestëmmen. Duerfir gesi mer dann do am Budget 2024, wéi et wäert ausgesinn.

Mir wënschen ons och, dass am Wunnensbau prioritär un de Logement abordable geduecht gëtt an net just blannemännchen eng Politick aus den 1990er-Jore gemaach gëtt, andeem just privat Promoteure gestärkt ginn. Dobäi wësse mer, dass grad beim erschwéngleche Wunraum de gréisste Besoin ass.

Mir hoffen, dass mer den Äntwerten op dës Wënsch beim Depot vum Budget an e puer Wochen e gutt Stéck méi no kommen. A mir hoffen och, dass mer am Interêt vum Land a senge Bierger a Biergerinnen an och deenen nächste Generatiounen op all dës Froe kënnen déi berouegend Äntwert ginn, dass dës nei Regierung fir e staarke Staat steet.

Well wann déi lescht Joren eppes gewisen hunn, dann datt, eis Zukunft eleng an d'Kraaft vum private Marché ze setzen, de falsche Wee ass. Au contraire, mir

brauchen e staarke Staat, deen de richteg Kader setzt, deen investéiere kann a bezuelbare Wunraum, an erneierbar Energien, an eng kamoud an nohaltig Mobilitéit a gutt Infrastruktur, deen ëmverdeelt, déi Äermst a Vulnerabelst an eiser Gesellschaft schützt an domat och de sozialen Zesummenhalt héichhält.

Jo, mir brauchen e Staat, deen net just passive Spectateur ass, mee deen och an Zukunft handlungsfäeg bleift. Alles dat si Jalonen, déi grad a Krisenzäiten fir deen Eenzelne gradesou wéi och fir d'Betriber noutwenneg sinn. An duerfir wäerte mer da mat Spannung op de Budget vum nächste Joer kucken. An deen heiten, dee stëmme mer elo mol mat.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. A wann ech elo richteg verstanen hunn, ass den nächsten ageschriwwene Riedner den Här Ben Polidori. Här Polidori, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Polidori (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat deemem Projet schaaft déi nei Regierung sech Zäit, fir e Budget fir 2024 opzesetzen. En Iwwergangsbudget ass wichteg, fir sécherzestellen, dass d'Paie bezuelt kënnen ginn, nei Leit agestellt kënnen ginn a Projekte weiderlaffe kënnen. Mir Piraten haten de Budget 2023 lescht Joer op dëser Plaz net matgestëmmt. Mir haten en net matgestëmmt, well mer gradewéi déi Jore virdu eis méi vum Budget erhofft hunn haten. D'Logements-, d'Energie- an d'Klimakris sinn déi Theemen, déi eist Land an d'Bevëlkerung am meeschte beschäftegen. Leider huet de Budget 2023 keng Léisunge fir déi Krise gewisen an dësen Iwwergangsbudget logescherweis och net.

Mir fäerten, dass bis op d'mannst nach Enn Abrëll weider mat der Géisskan iwwert d'Land geschott gëtt. Mir haten eis dofir a ville Punkte méi cibléiert Hëllef gewünscht, méi sozial Mesuren, déi déi Schwächsten an eiser Gesellschaft an dësen Zäite schützen: Elengerzëind, Kanner, d'Leit, déi ënner oder un der Aarmutsgrenz liewen an net wëssen, wéi se mat den héijen Energiepräisser nach sollen iwwert d'Ronne kommen. Dat gouf mat dem Budget vun 2023 an och mam Iwwergangsbudget fir 2024 net gemaach. Dat hätt an eisen Aen awer missen de Kär vun deem Iwwergangsbudget sinn.

Op dëser Plaz hat den Här Clement virun engem Joer gesot, dass net alles schlecht ass, wat am Budget virgesi war. Mee mir Piraten wollten a wëllen nei Prioritéiten. Mir hoffen, dass déi nei Regierung hei méi Courage weist a méi cibléiert schafft. Dofir hoffe mir och, dass déi nei Regierung sech net Zäit bis Enn Abrëll hält, well dee Moment schonn 10 % vun hirer Amtszäit ëm sinn, mee éischter mat engem Projet fir e Budget an d'Chamber kënn.

Här President, mir wëllen dann och hei drop opmierksam maachen, dass mat deemem neie Budget och eng Hëllef fir d'Leit auslaffe gelooss gëtt. D'TVA wäert den nächste Mount erëm ëm 1 % klammen. Wann d'Betriber sech dann alleguerten un der Reduktioun bedeelegt hunn, da wäerten also d'Präisser ëm 1 % klammen. Mir Piraten sinn der Meinung, dass d'Inflatioun nach net genuch ofgeflaacht ass, fir dass et responsabel wier, déi TVA-Reduktioun elo ofzeschaffen. D'Leit leiden nach ëmmer ënnert der Präisdeierecht. Dat huet och déi rezent Ëmfro vun Eurostat nach eng Kéier gewisen. Mir hunn un d'Regierung appelléiert, fir déi Reduktioun vun 1 % weiderlaffen ze loossen. Dat gëtt awer elo net gemaach. D'Leit kämpfen nach ëmmer mat de Präisser. Mir Piraten si ganz kloer géint eng Erhéijung vun der TVA!

Här President, da wëll ech och hei eng kleng Klammer maachen a soen, dass mir eis vun der neier Regierung dann eng besser juristesche Aarbecht erhoffe

wéi vun der aler Regierung. Well och an deemem Dossier – dat ass scho bal Tradition an de Budgetgesetzter – ass versicht ginn, Gesetzter ëmzesetzen, déi näischt am Budget ze sichen hunn. Dës Kéier war et dann d'Treibstoffgesetz. Wéi gesot, mir hoffen, an den nächste Budgetgesetzter keng esou Saache méi ze gesinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no deene Kritikke wäert et Iech net iwwerraschen, dass mir Piraten dësen Iwwergangsbudget net wäerte matstëmmen. E baséiert op dem Text vum Budget 2023, dee mir net matgestëmmt hunn, well en net den Erausforderunge vun haut gerecht gëtt. D'TVA klëmmt erëm op 17 %, an dat ass net am Sënn vun all Biergerinnen a Bierger dobaussen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Polidori. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir wäerten dës Douzièmes provisoires matstëmmen, net well mer mat der Ausrichtung vum auslafende Budget averstane wieren, mee well mer och mengen, datt de Staat fir déi nächst véier Méint funktiounsfäeg soll bleiwen. An den USA géif esou eng Situatioun, also datt kee Budget um Enn vum Joer gestëmmt gouf, zu deem berüchtigte Shutdown féieren, wou Beamten net méi géife bezuelt ginn. An dat wëlle mer jo net a mir si jo och net an den USA. An ech hoffen och, datt mer um Enn vun dëser Legislaturperiod, am Prinzip a fënnf Joer, keng US-amerikanesch Verhältnisser kréien nach an aneren Domänen.

Ier dës Regierung awer am Amt war, do, wou déi zwou biergerlech Parteie matenee verhandelt hunn, huet den Här Frieden den Toun ugin, déi ekonomesch Situatioun wier „ganz komplizéiert“. Also, mir si jo net naiv a mir wëssen, op wat et histeiert, wa biergerlech Regierungen erzielen, mir wieren an enger komplizierter Situatioun. Mee d'Fro stellt sech: komplizéiert fir wien?

Wann ee sech d'Zuelen ukuckt, da schéngt et awer net onbedéngt esou komplizéiert fir jiddereen ze sinn. Mir mengen och, dass zu Senneng deemools de Formateur Luc Frieden net ganz éierlech op deem Niveau war. Mir hu jo och Zuelen. Et gëtt Zuele vun der Comptabilité nationale, an do schneiden déi verschidde Secteure vun der Lëtzeburger Wirtschaft guer net sou schlecht of, wat d'Profitter ugeet. Wann een de Volume vum PIB kuckt, deen net wierklech ausschlaggebend ass, da kéint ee mengen, datt et der Wirtschaft schlecht oder immens schlecht géif goen. Mee dat ass net de Fall, wann een de reale PIB kuckt, also do, wou d'Profitter gemaach ginn a gemooss ginn.

Well wie gëtt besteiert? D'Besteierung geschitt op der Valeur, op dem Meerwäert, dee geschaf gëtt, also och op de Profitter, net op dem Volume vum PIB, mee um Wäert, dee geschaf gëtt. An deen eenzege Secteur, wou et wierklech staark biergof gaangen ass – an am Wäert souguer méi wéi am Volumen –, ass dee vum Transport a vum Entropose. An dat erklärt sech och doduerch, datt dee Secteur während dem Covid iwwerperformant war. Zum Bausecteur wäert ech och nach eppes soen.

Fir de Finanzsecteur ass d'Situatioun och net onbedéngt sou komplizéiert. Am Volume geet et natierlech fir d'Banken zrëck, wat jo och kee Wonner ass. A mir wësse jo och all firwat: Well d'Zënse sinn eropgaangen an et gouf manner Kreditter accordéiert. Mee d'Margë vun de Banken, déi sinn net erofgaangen. D'Gewënner op den Zënse si souguer zolidd eropgaangen: Fir déi éischt sechs Méint vun deemem Joer

si se op 5,1 Milliarden eropgeklommen, 2,1 Milliarde méi wéi déi sechs éischt Méint vum leschte Joer. Natierlech hunn déi héich Zënsen en Impakt op déi wirtschaftlech Aktivitéit. D'Banke profitéieren natierlech dovunner a sanen of an d'Wirtschaft trëppelt dann deementspriedend e bësse méi lues. Mee dat heescht bei Wäitem net, datt hei keng Profitter gemaach ginn, ganz am Contraire.

An dat seet och d'Europäesch Kommissioun d'ailleurs: D'Realprofitter vun de Betriber zu Lëtzebuerg sinn dëst Joer ëm 4,71 % eropgaangen. Dat ass méi wéi d'Léin. D'Léin sinn nëmme ëm 3,68 % eropgaangen, also manner wéi d'Profitter. An dat hu mer glécklecherweis och dem Index ze verdanken, deen d'Deierrecht nach relativ opgehooll huet. Dat war d'lescht Joer nach net esou. Do sinn d'Realprofitter ëm 0,38 % eropgaangen, währenddeems d'Realléin awer ëm 2,76 % erofgaange sinn. Dat ass souwiso eng europawäit Tendenz.

An obwuel d'Profitter vum Patronat eropginn, wat seet d'Regierung dann? D'Steiere vun de Betriber mussen erofgesat ginn. Den Här Finanzminister huet versicht, eis dat e bëssen als eng antizyklesch Mesur ze verkaufen, mee ech mengen, manner Steiere fir d'Betriber, zemoos wa se Profitter maachen, dat ass bei Wäitem keng antizyklesch Politik. Et ass souguer éischter de Géigendeel. Well wat heescht antizyklesch? Dat heescht u sech, géint d'Tendenz vun der Wirtschaft ze goen. Wann et der Wirtschaft schlecht geet, da gräift de Staat an. An de Staat ass – aneschtens, wat oft och den Här Bettel ëmmer gesot huet –, net e Stot. Wann ech 4.000 Euro de Mount verdénge an ech ginn all Mount 5.000 Euro aus, da kommen ech ganz séier an d'Laberenten.

Mee de Staat, dee funktionéiert jo aneschtens. Dee kann investéieren, ka sech souguer verscholden, wann en och richteg investéiert, wann en zum Beispill massiv Wunnenge baue léisst oder den ëffentlechen Transport ausbaut oder ëffentlech Crèche baut oder an ëmweltfrëndlech Energien investéiert. Da gi Leit beschäftegt an dat schafft Aarbechtsplazen. Dat gëtt Paieren, op déi och Steieren a Cotisationsen bezuelt ginn. An dat gëtt Recettë fir de Staat an et mécht och d'Liewe fir jiddere méi agreabel.

Mee d'Regierung mengt, en anere Wee goen ze mussen, a wëll d'Kapital manner besteieren. A woumadder finanzéiert sech de Staat? Dat krute mer och nach net gesot. Mir wësse just, datt de Räichtum, dee schonn do ass, sech weiderhi wäert unhäufen, datt déi puer Räich a Glécklech – enfin, glécklech weess ech net, mee op jidde Fall räich – nach méi räich wäerte ginn.

D'Regierung seet awer: „Jo, mee wann d'Betriber manner Steiere bezuelen, dann investéiere se méi.“ Dat géllt vläicht fir kleng Betriber – vläicht. Mee a Wierklechkeet gi Steiererliichterungen an Dividen den oder Renditten investéiert. An dat si Suen, déi de Staat a mir all dann och verléieren!

Mir si vläicht en enger komplizierter Situatioun, mee mir mengen net onbedéngt dat selwecht. De Bau ass jo ee vun de Secteuren, wou et tatsächlech och komplizéiert ass. Allerdéngs mécht dee Secteur och nach Profitter, och wann de Volumen erofgaangen ass. A wa manner gebaut gëtt, wa manner kauft gëtt, dann huet dat mat zwou Saachen ze dinn: d'Zënsen, déi ze héich sinn an déi zu décke Profitmargen am Bankesecteur bäidroen, an d'Präisser, déi ze héich sinn. A wann Dir dohinnergitt an Dir setzt d'Steieren nach weider erof iwwert den Amortissement accélééré, iwwert d'Meerwäertsteier, dann erreecht Dir nëmme eng Saach: De Secteur wäert weider Profitter

maachen, mee d'Präisser wäerte weiderhi fir Normalstierflecher onerreechbar bleiwen!

An Dir wäert eis nach froen: „Wat soll een da maachen?“ A mir mengen, datt een de Géigendeel muss maachen. Ech hunn dat scho virdrun ugedeit: investéieren. Kommt, mir maachen dat, wat och an anere Länner funktionéiert, wat och gemaach gëtt, an da funktionéiert et och: ëffentlech bauen an investéieren, iwwer eng ëffentlech Wunnengsbaugesellschaft zum Beispill. Mir brauchen 30.000 ëffentlech Wunnengen. An da gëtt gesot: „Jo, mee dat kascht!“ Jo, dat kascht, mee wann een d'Betribsteier erofsetzt, wann een déi Villverdénge aus hirer Verantwortung bäizedroe léisst, da kritt een natierlech keng Recetten.

Dofir, wa mir soen, datt déi Räichst méi Steiere bezuele sollen, dann ass dat net aus Jalousie. Eis geet et drëms, esou vill materiell Gläichheet wéi méiglech ze schafen, engersäits, well dat besser fir d'Gesellschaft ass a besser fir d'Ëmwelt souguer, mee och, fir fir déi néideg Finanzementer ze suergen.

An do stellt sech dann och d'Fro, wou een d'Sue siche geet, wann ee weess, datt d'Personnes physiques, also d'Leit, eendeiteg méi zu de Recettë bäidroen wéi d'Personnes morales, also d'Betriber. A fir méi genau ze sinn: Tëscht 2000 an 2022 hu sech d'Recettë vun de Steieren, déi d'Leit bezuelen, verfënneffacht, währenddeems d'Recettë vun de Steieren, déi d'Betriber bezuelen, sech nëmme e bësse méi wéi zweefacht hunn.

An dann, wa mer scho bei der Besteuerung vun de Leit sinn, da kann et och net sinn, datt de Gros vun der Steuerlaascht beim Mëttelestand läit an datt de Spëtze steiersaz bei 42 % läit an och an der Tranche vun 200.000 Euro d'Joer ophält. Dat heescht, datt déi, déi 400.000, 500.000, 600.000 d'Joer an driwwer verdénge, net méi Steieren ze bezuele brauchen.

Mir sinn net méi an den 80er-Joren, wou de Gros vun der Regierung och nach jonk war, wou ech e Kand war a wou quasi jiddereen Aarbechtsperspektiven an Zukunftsperspektiven hat, och ouni vill Schoule gemaach ze hunn. D'Leit, zemoos déi méi jonk, maache sech hautzudaags ëmmer méi Suergen ëm hir Zukunft. An dat éischt, wat se vun dëser Regierung matkréien, ass, datt déck Promoteuren a Patronen nach manner Steiere wäerte bezuele mussen – fir dann herno ze behaupten am Koalitiounsaccord, datt Aarbecht sech erëm soll lounen, wat e bëssen eng Frechheet ass, well et si grad déi, déi schaffen, déi ënnerbezuelt sinn! Et si grad déi, déi 4.000 Euro de Mount oder drënner bis zum Mindestloun verdénge, déi am meeschte schaffen. An de Gros vun hirer Pai mussen se dann och de Proprietären iwwerweisen, de Proprietären, déi vun dëser Regierung nach weider Steuerkaddoe gemaach kréien.

Déi heite Regierung, Här President, soll eis also net erzielen, se géif iergendeppes maachen, fir datt Schaffe sech erëm lount! Mee wie vill huet an dofir net vill muss schaffen, dee wäert vun dëser Regierung belount ginn. Dat ass op jidde Fall den Trend, dee mir an deenen nächste Méint oder Jore wäerte bekämpfen.

Dat gesot, wäerte mer awer déi Douzièmes provisoires matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann ass et elo un der Regierung. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir déi eenzel Beiträg, déi gemaach goufen. Ech

mengen, et ass richtiggestallt ginn, souwuel vun der Rapportrice wéi och vun deem éischte Spriecher, dem Här Bauler, dass et sech hei ëm en Iwwergangsbudget handelt mat de sougenannten Douzièmes provisoires, deen eenzeg an eleng dorobber zrëckzeféieren ass, dass d'Walen am Oktober waren an dass et an der Reegel fir eng nei Regierung schwierig ass, a manner wéi zwee Méint e funktionelle Budget opstellen, dee seng Globalitéit beinhalt, an dat an där kuerzer Zäit, déi zur Verfügung steet.

Duerfir ass dat hei e Budget, dee virgesinn ass an dem Kontabilitéitsgesetz an deem vun de sougenannten Douzièmes provisoires, an deem u sech näischt aneschtens virgesäit, wéi dass engersäits de Staat d'Autorisatioun kritt, fir Steieren ze erhiewen, an anersäits och, fir déi Investissementsausgaben, déi en cours sinn, weiderzeféieren, a virun allem och de Staatsbeamten emol d'Pai ze ginn. Dat sinn déi sougenannten Dépenses obligatoires, déi hei virgesi sinn.

Duerfir soen ech Merci, dass och parti- a koalitiouns-iwwergräifend hei eng, mengen ech, breet Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet ass. Also, wa mer hei mat Jo stëmmen oder wa mat Jo gestëmmt gëtt, da kréien d'Leit aus dem ëffentlechen Dénsgsch emol hir Pai. D'Pensioune lafe virun, wat jo och emol eng gutt Saach ass.

Ech weess awer och, dass doriwwer eraus eng Rei vu politeschen Debaten ugefouert goufen. Ech géif dozou soen: Dës Koalitioun, och wann dat wëllt esou klischehaft duergestallt ginn, ass net déi vum kalen Häerz. An dës Koalitioun ass och déi – d'Madamm Bofferdin huet et ugefouert –, déi wäert d'Schéier zwëschen Aarm a Räich, wann déi elo breet ass, zesummeféieren. Dat sinn Engagementer, déi sinn an dem Regierungsofkomme gemaach ginn. Dat sinn Engagementer, déi hei och an der Chamber eng breet Majoritéit fonnt hunn.

An ech soen awer och gradesou daitlech, dass dës Regierung net déi ass vum Kulturkampf oder vum Klassenkampf. Mee et ass eng Regierung, déi ass ugetrueden, fir alle Facettë vu Lëtzebuerg Rechnung ze droen, vun engem kompetitive Lëtzebuerg fir d'Entreprises, vun engem attraktive Lëtzebuerg, wat de Finanzsektor ubelaangt, a vun engem Lëtzebuerg, wou déi breet Mëttelelcht soll déi néideg Kafkraaft kréien, déi se brauch an dësen Zäiten, fir och kënnen déi Investissementen ze tätigen, fir déi Konsumausgaben ze tätigen. An dozou steet dës Regierung an duerfir huet se och e klere Plang A, dee se duerschzitt, a se brauch duerfir och net Plan-Ben, wann ënnerstallt gëtt, mee dat géif alles net opgoen.

Dann ass et och net hei, dass mer grouss Steuerkaddoe verdeelen. Nee, mir maachen dat, wat an deem Projet virdrun gesot gouf a wat e breede Konsens, mengen ech, hei awer fonnt huet, zumindest eng breet Majoritéit: dass mer de Leit déi néideg Kafkraaft ginn an dass mer d'Leit net permanent mat méi Steiere belastschen. Dat ass dat, wou dës Regierung wëll drop erausgoen.

Da wëll se och deen néidege Spillraum hunn – ech soen dat och ganz kloer –, fir op d'Erausforderunge vun der Zäit anzugehen. An zu den Erausforderunge vun der Zäit gehéiert natierlech – ech mengen, dat stellt keen heibannen a Fro – de Wunnengsbau, wou de Premierminister ugekënnegt huet, dass en an den éischten zwee Méint géif e klere Programm op den Dësch leeën, deen net nëmme Steiermoosname beinhalt, deen och Investitionsausgabe beinhalt an dee virun allem all Acteure vun deem Secteur ouni Beréierungsängscht wëll zesummeféieren. Och dat wëll ech eng Kéier kloer soen: Dat ass de Staat, dat

sinn d'Gemengen, dat sinn och d'privat Promoteuren, dat sinn d'Leit, déi an dem Bau schaffen, an dat sinn och déi Leit, déi sech derzou bereet fillen, fir Investissementer als Privatpersoun um Niveau vun dem Wunningsbau ze maachen.

Well et ass nëmmen duerch e kollektiven Effort an et ass nëmmen duerch en Effort, deen op déi éischt Zäit strikt gemooss ass, dass een dee Kick erëm eng Kéier an deem Bausecteur gëtt, fir dass dee Bausecteur, deen immens wichteg ass fir eis Économie, deen immens wichteg ass fir eis Land, erëm eng Kéier un d'Fuere kënnt. Duerfir muss ee souwuel Moossname maachen um Niveau vun der Offer, mee et muss ee se och kuerzfristeg maachen um Niveau vun der Demande.

Da kommen ech op weider Punkten, wou gefrot gouf: „Wéi ass et mat den Infrastrukturen?“ Mee selbstverständlech wäert dës Regierungskoalitioun, dës Regierung, dofir Suerg droen, dass d'Infrastrukture weider héichgehal ginn. Mir wäerte kucken, dass déi néideg Investissementer an d'Mobilitéit wäerte gemaach ginn. Mir wäerten derfir suergen – an ech mengen, dat hu mer ënnerstrach, och wann dat vläicht haut e bëssen a Fro gestallt gëtt.

Déi Engagementer, déi gemaach goufe fir eng nohalteg Gestaltung vum Land, déi Engagementer, déi gemaach goufen zum PNEC, déi sinn net a Fro gestallt. An déi Gesetzer, déi bis elo hei an der Chamber gestëmmt goufen, déi hunn dat och alleguerde ganz konkret ënnerstrach. Klimaschutz wäert och ënnert dëser Regierung eng weesentlech Erausforderung bleiwen. Dat steet am Regierungsprogramm, dat steet an dem Regierungsprogramm an dat hu mer och ënner Beweis gestallt bei deene Gesetzer, déi déi lescht Deeg hei gestëmmt goufen.

Dann ass déi Fro ... Ech hunn awer eng Kéier – dat mussst Dir mer erlaben, Madamm Bofferding, als fräier Inneministesch – missen e bëssen driwwer schmunzelen: Dir waart nach Inneministesch bis virun engem Mount an do gitt Dir eis gutt Rotschléi, wat alles op eis géif zoukomme bei dem Finanzement vun de Pensionne vun de Gemengebeamten. Bon, ech mengen, dee Problem – dat soen ech Iech awer richteraus, well ech awer bis virun engem Mount och nach Buergermeeschter vun enger gréisserer Gemeng am Land war an e bësse weess, wat am Gemengesecteur ass –, dee Problem, deen ass net nei. Also, deen huet sech am Laf vun der Zäit opgestockt.

A wann Dir sot: „Dir musst oppassen, et komme 67 Milliounen Euro (veuillez lire: 87 Milliounen Euro), déi op Iech duerkommen, a si kommen net vun haut op muer“, bewäerten ech dat net, Är Assou, mee ech soen: Selbstverständlech wäert dës Regierung derfir suergen, dass och fir d'Gemengebeamten, déi an der Pension sinn, a fir déi Gemengebeamten, déi wäerten an d'Pension goen, déi Versprieche, déi se gemaach kruten, wéi se Beiträg bezuelt hunn, ofgeséichert sinn. Mee schiibt awer wannechgelifit elo net dee Problem eenzeg an eleng op déi Regierung, déi elo zënter engem Mount am Amt ass. Ech wëll dat eng Kéier kloer gesot hunn: Jo, mir stinn zu deenen Engagementer, mee dréckt net alles op déi, déi elo am Amt sinn!

Da wëll ech och soen zum Här Polidori – ech soen Iech Merci, ech verstinn och, dass Dir sot: „Mir bleiwen eis trei. Mir hunn de Budget net gestëmmt, duerfir stëmme mer och net déi Douzièmes provisoires.“ –: Mir suergen awer derfir, dass d'Paie vun de Staatsbeamte weidergefouert ginn an dass Är Pai – entschëllegt, mee déi hutt Der zegutt – och weider kann assuréiert ginn.

Dir hutt awer eng konkret Saach opgegraff, dat ass déi vun der TVA. Jo, et ass richteg, dass gemääss den

Tripartitt-Ofkommessen ... An déi huet – bon, ech däerf et elo net soen – déi fräier Chamber an enger Globalitéit gestëmmt, wat och richteg war. Mee Dir wësst, an dat soll een eng Kéier konkret soen, dass déi Reduktioun vun 1 % vun der TVA, nämlech vu 17 % op 16 % an dann déi intermédiaire Tauxen, ab dem 1. Januar ophält. Jo, déi hält op, well d'Tripartitt gesot huet: „Dat ass eng Ënnerstützungsmoossnam vun den Entrepreneuren, mee déi ass zäitlech begrenzt.“

Wat ass den Impakt, dee budgetären Impakt, gewiescht op dat lescht Joer? Dir wësst, dass mer an der Finanzkommissioun driwwer rieds haten an dass d'Vertreder vum Enregistrement gesot hunn, dat kann een iwwert den Domm mat ronn 150 Milliounen Euro Belaaschtung fir de Staatsbudget op d'Joer 2023 bewäerten.

Elo wëll ech awer soen, dass net alles méi deier gëtt. Mee d'Marge vun de Betriber geet ënner Ëmstänn ëm 1 % – verhältnisméisseg, muss ee soen, 1 % verhältnisméisseg; vu 16 % op 17 % ass fir e Betrib méi – fir Verschiddener erof. Dat ass net fir den normale Konsum, well alles dat, wat d'Leit an de Supermarché kafen, läit an der Reegel mol net bei de 16 % oder 17 %.

Den zweete Punkt ass deen, dass natierlech fir grouss international Gruppen ..., do kascht d'Jeansbox – fir dat vereinfacht ze soen – zu Arel, zu Metz oder zu Lëtzebuerg an der Reegel dat selwecht, well dat einfach international Präisser sinn, déi fixéiert sinn. An d'Marge ass dann eebe vu Land zu Land ënnerschiddlech. Dat ass de reellen Impakt. Ech mengen net, dass, wann elo d'TVA erëm vu 16 % op 17 % eropgeet, doduerch géifen all d'Präisser duerschloend och deementspreechend an d'Luucht goen.

Dat war also eng zäitlech begrenzte Moossnam. Déi Moossnam war och an der Tripartitt festgehalen, déi huet och hei an der Chamber e largë Konsens fonnt.

Fir de Rescht géif ech soen: Déi Wonschlescht, déi vu Verschiddenen ausgedréckt gouf, déi huet d'Regierung zur Kenntnis geholl. Den Detail, dee wäert den nächste Budget an enger gewëssener Mooss schonns erëmspigelten. Et ass och esou, ech soen Iech et nach eng Kéier ganz kloer: Dës Regierung stellt net alles a Fro, wat an der Vergaangenheet geleescht gouf. Duerfir wäert et och 2024 en – ech soen – Iwwergangsbudget si mat lichten Adaptatiounen, mat neie Moossnamen, déi natierlech an dem Regierungsprogramm och stinn.

An ech wëll soen, dass deen Zäitraum – an duerfir géif ech domadder ofschléissen – och fir de Budget 2024 relativ sportlech gëtt. Well Dir wësst, mir mussen dat bis den 30. Abrëll stoen hunn. Et ass och eng Ouschtervakanz do. An ech hu mat eenzelne Vertreder vun der Finanzkommissioun rieds gehat, dass dat, soubal de Budget deposéiert ass, dann hoffentlech zäitno kann a ville Sitzungen, déi sech kënnen op méi wéi zwou pro Woch ausdeenen, analyséiert ginn, sou wéi sech dat gehéiert. Déi néideg Budgetscirculaire, déi war e Méindeg am Regierungsrot an déi ass och e Méindeg de Mëtten, mengen ech, mat menger Signature un déi eenzel Departementer geschéckt ginn.

Duerfir nach eng Kéier merci fir de largë Support. Och 2024 wäert d'Vergaangenheet net total a Fro gestallt ginn. Mir wäerten zesummen, hoffentlech mat engem breede Konsens, hei an der Chamber am Interess vum Land déi Erausforderungen ugoen, déi ustinn.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Finanzminister. Ech hunn nach eng Wuertmeldung. A wat fir engem Propos?

M. Fred Keup (ADR) | Parole après ministre. Jo, den Här Minister huet hei gesot, wéi och virdru scho

verschidde Leit ugedeit haten, dass, wann een elo hei déi Verlängerung vum Budget net mat Jo géif stëmmen, dann d'Staatsbeamte keng Pai méi krien. Dat kann een e bësse relativéieren, well bis dohinner kéint ee jo och nach eppes anescht maachen, fir dass se awer hir Pai géife kréien.

Ech wëll awer hei ganz einfach Follgendes soen: De Budget, dee mer d'lescht Joer gestëmmt hunn, also virun engem gudden Joer, engem Joer an – weini war dat? – zwee Méint, wa mer deen net gestëmmt hätten, dann hätte se och keng Pai kritt. Also déi Parteien, déi géint e Budget stëmmen, déi stëmme jo dann an där Logik och dergéint, dass d'Staatsbeamten hir Paie kréien. Duerfir géif ech do e bësse méi virsiichteg sinn. Also weeder do nach hei sinn d'Staatsbeamtepaien, mengen ech, a Fro gestallt.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Sou, dat war elo keng Fro, Här Keup, soudatt mer op keng Fro och keng Äntwert brauchen. An domat géif ech also d'Diskussioun ëm dëse Projet de loi ofschléissen.

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8338. Den Text steet am Document parlementaire 8338⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8338 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat ass dat follgend: Jo: 52, Nee: 8, Abstentoun: keng. De Projet de loi ass also mat 52-Jo-Stëmme géint 8 Nee-Stëmme ugehall ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Mars Di Bartolomeo), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. 8292 – Projet de loi relative à l'imposition minimale effective en vue de la transposition de la directive (UE) 2022/2523 du Conseil du 15 décembre 2022 visant à assurer un niveau minimum